# LES AMIS DE LA MUSIQUE MILITAIRE

Association sans but lucratif, fondée en 1997- Membre de l'Union Grand-Duc Adolphe

**En avant ... marche !**

Bulletin no 48
01/2023


# 2023 versprécht, en aussergewéinlecht musikalescht Joer ze ginn

## E Bilan an e Message vum Chef vun der Militärmusek

2022 war en exzeptionnellt Jubiläumsjoer fir déi groussherzoglech Militärmusek, well gläich dräi Jubiläume konnte gefeiert ginn.

Virun 180 Joer ass de Grondsteen vun der heiteger Militärmusek geluecht ginn an domatter ass eisen Orchester den eelste Berufsorchester vu Lëtzebuerg. Aus engem 26 Mann staarke "Hornisten-Chor" vun engem "Jägerbataillon" ass e symphoneschen Blosorchester entstanen, deen souwuel zu Lëtzebuerg wéi och wäit doriwwer eraus vu sech schwätzen deet.

Eist Ländchen bréngt et ëmmer nees fäerdeg, fir a bestëmmte Sportaarten awer och an enger Villfalt vu kulturelle Beräicher oder mat musikaleschen Ensembelen am Ausland op sech opmierksam ze maachen. Oft ass dat mat Perséinlechkeeten, déi nëmme wäitleefeg Wuerzelen zu Lëtzebuerg hunn oder wéineg bis guer näischt mat eisem Ländchen ze dinn hunn. Ëmsou méi stolz mécht et mech dann, wann eisen Orchester, deen nëmmen aus Lëtzebuerger Museker besteet, déi all hier Ausbildung an eisen dräi Conservatoire gemeet hunn, am In- an Ausland an engem Otemzuch mat de gréissten a beschten Blosorchesteren er-nimmt gëtt. Bei der Militärmusek handelt et sech deemno honnertprozenteg ëm e Lëtzebuerger Erfollegsprodukt.

Dass mir esou gutt jonk Museker iwwerhaapt kënne rekrutéieren ass d'Resultat vun eisem exzellenten Enseignement musical, deen an eise Museksschoulen ugebuede gëtt. Och wiist d'Zuel vun jonke Schüler zu Lëtzebuerg konstant. Et geet awer net duer, fir eng gutt musikalesch Ausbildung unzebidden, et muss een och kucke, fir hinnen eng eventuell Chance op eng professionell Carrière z'erméiglechen. Hei ass d' Militärmusek eng wichteg Institutioun, déi net méi aus eiser Museksszeen ewech ze denken ass. An dësem Sënn freet et mech immens, dass mir d'Méiglechkeet säitens der Arméi kréien, an dëst fir d'éischte Kéier an der Geschicht vum Orchester, iwwert den Effektiv vun 59



*(Photo: Eric Engel)*

Museker kënnen erauszegoen. Deemno wäerten 2023 eng ganz Rei vun neien Posten ausgeschriwwe ginn, esou datt sech den Orchester un d'Ufuerderungen vun der moderner Blosmusek upasse kann.

1997 hu sech eng Rei Leit, alles Fräiwëlleger, déi der Militärmusek besonnesch no stoungen, zesumme gesat, an d'A.s.b.l. "d'Frënn vun der Militärmusek" an d 'Liewe geruff. Dës luewenswäert Initiativ ass zu engem groussen Deel aus der Nout eraus entstanen. Wéi esou oft an der Geschicht vun eisem Orchester

*(Fortsetzung Säit 2)*

# 2023 versprécht, en aussergewéinlecht musikalescht Joer ze ginn

*(Schluss vun der Säit 1)*

waren nees Stëmmen haart ginn, déi dem Orchester seng Daseinsberechtegung a Fro gestallt hunn. Virun allem op d'Zesummesetzung vum Conseil d'Administratioun ass e grousse Wäert geluecht ginn. Perséinlechkeeten aus der Politik an dem ëffentleche Liewen sollten der Militärmusek an enger schwiereger Zäit zur Säit stoen a bei den Autoritéiten am Sënn vum Orchester intervenéieren.

Schlussendlech konnt sech déi Situatioun awer berouegen an d'"Frënn" konnten sech op hier aner Aktivitéiten konzentréieren. Mat vill Energie stellen sie hier Fräizäit der Militärmusek zur Verfügung an organiséieren zesumme mat eis Concerten, Opname, den Engagement vun Gaaschtdirigenten, a.s.w.. Ouni sie wiere vill grouss Evenementer net méiglech gewiescht. Et muss een wëssen, dass d'Militärmusek net selwer e Concert organiséiere kann, mir sinn ëmmer ofhängeg vun engem externen Organisateur. Hei hu mir mat de "Frënn" en enorm wäertvollen Partner an ech freeën mech elo schonn op déi kommend Projeten. Mat iwwert 500 Memberen si sie awer net just eng organisatoresch Hëllef, nee, si sinn virun allem eis enksten an treieste Supporter, déi eis Concerten regelméisseg lauschteren an eis ënnerstëtze kommen. Am Numm vun der ganzer Militärmusek wëll ech iech all eisen déifsten Merci ausdrécken a mir freeën eis elo schonn drop, iech nees op eisen nächsten Concerten begréissen ze dierfen.

Zënter August 2012 hunn ech déi grouss Éier a Freed, fir un der Spëtz vun dësem aussergewéinlechen Orchester ze stoen. Onvergiesslech wäerte fir mech verschidden Concerten bleiwen, sou zum Beispill och eise leschte Concert den 23. Dezember 2022 an dem formidabele Sall vun der Philharmonie. Et kann een net a Wierder faassen, wat duerch ee geet, wann zum Schluss vun engem Concert iwwert dausend Leit engem mat enger Standing Ovation éieren an hir Bewonnerung an hire Merci ausdrécken.

Réckbléckend sinn et dës Momenter, déi engem iwwert déi méi schwéier an aussergewéinlech Zäiten ewech hëllefen. Vu mengen zeng Joer un der Spëtz vun der Militärmusek waren et leider fënnef Joer, déi kee Chef sech wënscht. Den 29. Januar 2014 hat den deemolegen Minister vun der Défense eng Plainte um Parquet géint d'Militärmusek deposéiert an eng reegelrecht Hetzjuegd, virun allem géint eisen deemolegen Sekretär ass lassgaangen. Den Image vun der Militärmusek ass mat Féiss getrëppelt ginn a mir stoungen do wéi Schwéierverbriecher. No dräi ganz haarde Joren, iwwert déi ech e Buch kéint schreiwen, ass et schlussendlech zum Urteel komm an d' Geriicht huet en Non-Lieu deklaréiert, dat heescht, d'Faiten, déi der Militärmusek virgeworf goufen, sinn net zréckbehale ginn an all weider Poursuitte sinn ofgebrach ginn. Nodeems 2014 déi Plainte op allen ëffentlechen Medien verkënnegt ginn ass, huet leider keng Zeitung, kee Radio oder soss e Medium et 2016 fir néideg fonnt, den Non-Lieu ze verkënnegen. Dëst hätt eisem ugeschloenen Image méi wéi gutt gedoen an all eenzelne Museker grad sou wei eisem Sekretär och.

Wann ee geduecht huet, et kéint net méi schlëmm kommen, dann hat een d'Rechnung ouni de COVID gemeet. Och dës Situatioun, déi ongeféier zwee Joer gedauert huet, hat keen aneren Dirigent vun der Militärmusek viru mir. Mat Schrecken erënneren ech mech un dee Freiden am Mäerz 2020, wou alles ugefaangen huet. Am Nomëtten krut ech en Telefon vum deemolegen Chef vun der Arméi, dee mir sot, dass sämtlech Museker ab Samschdes a bis op weideres missten op d'Hotline vum CGDIS op zwou Schichte schaffe goen. Sämtlech geplangte musikalesch Aktivitéiten missten agestallt ginn.

Wärend der ganzer Corona-Kris huet d'Militärmusek och nach bei der Hotline vum Staat, dem Contact Tracing, bei der Maskeverdeelung a bei den Impfzentren gehollef. Trotzdem hu mir et fäerdeg bruecht, fir nieft deenen neien Aufgaben ongeféier 150 Concerten bei den Alters- an Fleegeheemer mat klengen Ensembelen ze spillen a verschidde Videoen opzehuelen.

Schlussendlech si mir gestäerkt aus dëse fënnef schwéiere Joren erauskomm. 2016 krut d' Militärmusek déi ëischten u sie ugepassten Aarbechtszäitregelung a mir konnten eise Stellewäert als Museker an der Arméi stäerken. Fir dass d'Militärmusek och méi professionell ka funktionéieren, freeën ech mech, dass d'Arméi zougestëmmt huet, fir 2023 en neie Posten innerhalb vun der Direktioun vum Orchester ze schaffen. Dëse Posten soll mech an den nächste Chef bei sengen administrativen Aufgaben entlaaschten, sou dass mir äis méi op eis musikalesch Aufgaben kënne konzentréieren.

Ech freeë mech op déi kommend Zäit un der Spëtz vun der Militärmusek, op eng gutt a kollegial Zesummenaarbecht mat alle Partner an op déi sëllege Projeten, déi geplangt sinn. Ech ka momentan nach net vill dozou soen, ausser dass 2023 versprécht, en aussergewéinlecht musikalescht Joer ze ginn.

Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun



*De Grand-Duc Henri am Gespréich mam Christian Kirpes nom Concert* *(Photoën: © Cour Grand-Ducale)*

# E wierdegen Abschid

*De Christian Kirpes huet säi leschte Concert zu Colmer-Bierg dirigéiert*

An deene leschte Joren war ech dacks Concerten vun der Militärmusek ënnert der Leedung vun hirem Sous-chef, dem Capitaine Christian Kirpes, lauschteren. Iwwert deen een oder anere vun dëse Concerten hunn ech am Bulletin «En avant…marche!» geschriwwen.

Sou war ech och de 24. September 2022 op Colmer-Bierg, wou d'Militärmusek e Concert am Kader vum 150. Gebuertsdag vun der „Harmonie grand-ducale Orania" vu Colmer-Bierg gespillt huet. De Concert war richteg flott, an awer fält et mer dës Kéier e wéineg schwéier, iwwert dat Erlieften ze schreiwen. Et war nämlech dem Captitaine Kirpes säi leschte Concert, deen hien no 36 Joer treiem Déngscht an der Arméi dirigéiert huet. Elo ass hien an der wuelverdéngter Pensioun an hannerléisst vill schéi Souveniren un déi 99 Concerten an déi 79 Paraden, déi hien a sengen aacht Joer als Sous-chef dirigéiert huet.

Säin 100. Concert wäert sinn ulässlech der Stabsiwwerreechung un den neie Chef-adjoint Jean Thill (20. Januar 2023 zu Keespelt).

Elo awer zréck vun der Melancholie op de Concert vum leschte 24. September zu Colmer-Bierg.

### Ganz héije Besuch

Wie matzäiten am Centre Sportif war, muss se bemierkt hunn: déi zwee Hären am schwaarze Kostüm a mam Knapp am Ouer. Et waren d´Bodyguards vum groussherzoglechen Haff, déi an aller Rou an awer konsequent de ganze Raum ronderëm d'Bühn ënnert d'Lupp geholl hunn. Sollt ieren ee vum Haff kommen? An tatsächlech huet déi héich motivéiert Präsidentin vun der Colmar-Bierger Musek, d´Madame Anny Jacobs-Lies, dem Publikum erklärt, wéi een sech dann ze behuelen hätt, wann elo gläich déi héich Prominenz géif antreffen. Gläich drop hunn dunn d'Militärmuseker

*(Fortsetzung Säit 4)*



*Eng Erënnerungsfoto vum flotten Abschidsconcert (v.l.n.r.): Christian Miny, Maggy Kirpes-Koeune, Christian Kirpes, Grand-Duc Henri, Anny Jacobs-Lies, Arthur Arendt a Fernand Etgen*

*(Fortsetzung vun der Säit 3)*

de „Wilhelmus" gespillt an de Groussherzog Henri huet an der 1. Rei Plaz geholl. De Groussherzog gouf begleet vum Chamberpresident Fernand Etgen an dem Buergermeeschter Christian Miny vu Colmer-Bierg.

De Sall war struppevoll, ënnert anerem haten sech vill Museker aus der Nopeschgemeng Ettelbréck afonnt, wou de Christian Kirpes d'Musek während néng Joer mat vill Freed an Erfolleg geleet hat. Natierlech waren och eng ganz Rëtsch Leit aus Frëndschaft zum Christian komm, an och de Chef vun der Militärmusek, de LtCol Jean-Claude Braun gouf gesinn - an der Militäruniform.



## Wonschconcert am Respekt fir eis Monarchie

De Christian Kirpes hat fir säi leschte Concert eng Auswiel aus senge Lieblingsstécker getraff. Sou huet et d'Presentatrice AdjMaj Romy Werner erkläert, déi iwwregens wéi gewinnt gekonnt a mat enger Prise Humor duerch de Programm gefouert huet.

Mat „Also sprach Zarathustra" vum Richard Strauss krute mer gläich eng weltberühmte Melodie gebueden, nach dozou an engem interessanten Arrangement vum Christian Kirpes selwer. Vill Succès hat och d'Ouverture zum „Guillaume Tell" vum Gioachino Rossini. De Capitaine Kirpes hat déi ganz Joren duerch ëmmer eng grouss Virléift fir bekannten an éischter gefälleg Wierker, an dat huet sech och bei dësem Concert als richteg erausgestallt. Am Respekt fir eis Monarchie huet hien iresch, englesch a schottesch Musek mat a säi Programm geholl. Een absoluten Héichpunkt vum Owend war d'"Hymne de la Musique Militaire", komponéiert 2017 vum Capitaine Kirpes selwer, mat engem Duddelsak als solistescht Instrument. Den AdjMaj Roby Hinger huet, wéi schons dacks an der Vergaangenheet, bewisen, dass hien dëst an eise Géigenden dach éischter ongewéinlecht Instrument gutt beherrscht, an hie krut och deementspriechend dee gebiertegen Applaus. Mat engem Arrangement vum Johan de Meij vun der „Star Wars Saga" ware mer dunn am Beräich vun der

*(Fortsetzung Säit 5)*



*(Schluss vun der Säit 4)*

Filmmusek, mat deeër souwuel d'Militärmuseker wéi och de Publikum an hirem Element waren. „The Sound of Ireland" huet beréiert duerch seng ofwiesselnd Emotiounen: mol lieweg, mol traureg, iwwerraschend schéin mat engem Solo fir Euphonium an um Enn rhythmesch beweegt mat enger immenser Percussiounsequipe. E Potpourri mat Musek aus enger ganzer Rëtsch James-Bond-Filmer („Nobody does it better than James Bond" vum Jörg Murschinski) huet den Ofschloss gemaach vun deem wonnerbare Concert.

## Gläich e puermol Merci

Um Enn vum Concert huet d´Madame Jacobs-Lies Cadeauen iwwerreecht un d'AdjMaj Romy Werner, den AdjMaj Roby Hinger an de Capt Christian Kirpes. Souwuel sie wéi och de President vum Organisatiounscomité, den Här Arthur Arendt, haten an hire jeeweilege Rieden am Laaf vum Owend schonns hir Éier a grouss Freed zum Ausdrock bruecht, de Groussherzog an och d'Militärmusek dierfen op Besuch ze hunn fir dee bedeitende Gebuertsdag vun der Colmer-Bierger Musek. Den iwweraus begeeschterte Publikum huet eng Zugab agefuerdert. Zu eiser aller Freed krute mer „Highland Cathedral" mat de Solisten Roby Hinger (Cornemuse) a Philippe Schiltz (Percussioun) gespillt.

An och dat ass äis nach net duergaangen, a mir wollten eng zweet Zugab. An esou setzt den Dirigent un fir e flotte Marsch - mee wat ass dat do? Amplaz vun dem ganzen Orchester fänkt d'Flütistin eleng un, d´Klarinette setzen an … a mir héieren net dee gewollte Marsch, mee eng aner wuelbekannte Weis. Erstaunt stoppt den Dirigent seng Gesten, hält op mat dirigéieren a do gesi mer, wéi quasi aus dem Näischt, déi zwou Hänn vum LtCol Jean-Claude Braun d'Leedung vum Orchester iwwerhuelen. Hien hat de Moment vun der allgemenger Verwirrung genotzt a war flénk op d'Bühn gesprongen, fir dëst Stéck ze dirigéieren. Dat Stéck, dat mir all kennen: „Ce n'est qu'un au revoir", an dat mer scho virdrun am „Sound of Ireland" héieren haten. Mat deem Ënnerscheed, dass des Kéier d'Museker mat vill „Leif a Séil" e speziell op de Christian Kirpes zougeschriwwenen Text op dës Melodie sangen. Riets geet hei vun deene 36 Joer, déi hien trei dem Land gedéngt huet, a sie sangen him „Merci fir all deng Méi". E gelongenen Iwwerraschungsmoment, deen de Christian Kirpes sichtlech beréiert huet.

Beim zweeten Ulaf huet et du geklappt a mir kruten nach e schmassege „Pomp and Circumstances No.1" gespillt, deen inoffiziell als déi zweeten Nationalhymn vun England gëllt.

Alles an allem war et en Owend voller Emotiounen. Zur ganz grousser Freed vum Christian Kirpes huet de Groussherzog Henri sech nom Concert laang Zäit geholl, fir mat him perséinlech iwwert de Concert a seng Aarbecht bei der Militärmusek ze schwätzen. De Staatschef huet groussen Interessi un dem Capitaine Kirpes sengen Arrangementer a Kompositiounen gewisen a wollt wëssen, wéi e Komponist bei senger Aarbecht virgeet. Och huet de Groussherzog him eng schéin a laang Pensioun gewënscht, net awer ouni nozefroen, wat de Museker dann elo mat der nei gewonnener Zäit ufänke wëllt. Wat de Christian Kirpes doropper geäntwert huet, dierft awer e Geheimnis tëscht hinnen zwee bleiwen…

Zesumme mat dem begeeschterte Publikum a mat sengen dankbare Musekerkolleegen wënschen och „d'Frënn vun der Militärmusek" dem Capitaine Christian Kirpes eng laang a gesond Pensioun.

*Nadine Becker*

Armée Luxembourgeoise

**Musique Militaire Grand-Ducale**

# Concert de Bienfaisance de l'Armée

**au profit du „Comité national de défense sociale"**



**Direction musicale:**
LtCol Jean-Claude Braun

**Solistes:**
Kathleen Gaspoz (Cornet), Philippe Schwartz (Euphonium)

Avec la participation des élèves des conservatoires

Création mondiale: „IDEAL" – AdjCh Tim Kleren

## 22.02.2023 - 20h00

Conservatoire de Luxembourg

Tickets: www.luxembourg-ticket.lu / 470 895-1

© Section audiovisuelle de l'Armée

D'FRËNN VUN DER MILITÄRMUSEK

cnds comité national de défense sociale

CONSERVATOIRE DE LA VILLE DE LUXEMBOURG



# D‘Big Band an Aktioun am “Celo“ zu Hesper

## Gaaschtdirigent war de renomméierten däitsche Bandleader Jörg Achim Keller

De Concert vum 10. November 2022 am "Celo" zu Hesper mat der Big Band vun der Militärmusek ënnert der Leedung vum renomméierten däitsche Bandleader, Arrangeur, Komponist a Jazzpianist Jörg Achim Keller war sécherlech ee vun den Héichpunkten am Kader vun de Feierlechkeete fir de 25. Gebuertsdag vun der A.s.b.l. "d'Frënn vun der Militärmusek".

De President Josy Lorent huet a senger Begréissung alle Leit fir hir Präsenz Merci gesot. Besonnesch ernimmt huet hien den Député-maire Marc Lies, d'Deputéiert a Kulturschäffin Diane Adehm, de Schäffe Georges Beck an Gemenge-rotsmemberen Jean Theis, Rita Velasquez-Lunghi a Guy Wester vun der Gemeng Hesper, Deputéierten Simone Asselborn-Bintz, Cécile Hemmen a Sven Clement sowéi d'Éirendeputéiert an Éirebuergermeeschtesch Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen.

E grousse Merci goung un déi Responsabel vun der Gemeng Hesper, déi d’Organisatioun vun dësem Concert an deem flotten neie Kulturzentrum "Celo" erméiglecht hunn. E Merci ass och un d'Personal gaangen, dat ganz professionell an zevirkommend bei der Organisatioun matgeschafft huet. Wéi ugekënnegt war dësen Optrëtt vun der Big Band e Concert de bienfaisance mat fräiem Entrée. Et waren awer dräi Afferstäck bei de Sortien opgestallt, an déi een duerno Geld ageheie konnt. Dës Spende kommen dem Cent Buttek vu Betebuerg zegutt.Resultat: 3602.-€.

D‘Propositioun vun dem Jean-Claude Braun, Chef vun der Militärmusek, an dem Raoul Christophe, aktuelle Chef vun der Big Band, fir de Jörg Achim

*(Fortsetzung Säit 8)*



*Den international bekannte Bandleader Jörg Achim Keller*











*(Photos: Emile Noesenl)*

*(Schluss vun der Säit 7)*

Keller als Gaaschtdirigent z'engagéieren, war eng exzellent Iddi.

D'Zesummenaarbecht an den Engagement vum Dirigent an de Memberen vun der Big Band hunn et méiglech gemaach, a kuerzer Zäit e Programm ze realiséieren mat Wierker vum Friedrich Hollaender, Harold Arlen Nino Rota, Tom Wails, Henry Mancini, Bert Kaempfert, Paolo Conte, Horace Henderson, Duke Ellington, Redd Stewart, Billy Strayhorn, Randy Brecker an Herman Hupfeld, alles Arrangementer vum Jörg Achim Keller, an deem d'Solisten ewéi och den Ensembel wierklech gefuerdert waren.

Déi vill Nolauschterer (full House) ware begeeschtert. De Bewäis dofir war dee villen Applaus. Felicitatiounen un de Chef, d'Solisten an all Memberen vun der Big Band fir déi musikalesch Leeschtung, eis frankophon Noperen géinge soen "une très belle prestation musicale".

Merci gesot hunn och de President Josy Lorent an d'Kulturschäffin Diane Adehm symbolesch dem ganzen Orchester mat der Iwwerreechung vun engem klenge Präsent respektiv engem Exemplar vum neie Geschichtsband „Hesper eng Gemeng am Wandel" un de Jörg Achim Keller an de Raoul Christophe.

Den Här Arthur Besch, Vizepresident vun der A.s.b.l. „Cent Buttek Betebuerg", huet ofschléissend Informatioune ginn iwwert d'Aarbecht vun döser a schwéieren Zäiten esou wichteger sozialer Ariichtung fir mannerbemëttelt Leit.

Merci net zulescht och der Hesper Musek fir de Catering. R.W.



*E frout, gesond an zefriddent Joër*

# 2023

*fir all eis Memberen !*

## Le Conseil d'administration:

**Président honoraire:** Jean Spautz **Président:** Joseph Lorent **Vice-Président:** Roby Raus **Secrétaire:** Nello Zigrand **Trésorier:** Emile Noesen **Membres:** Simone Asselborn-Bintz, Pascal Ballinger, Alex Bodry, Jean-Claude Braun, Vanessa Cum, Alain Duschène, Fernand Etgen, Joé Haas, Thierry Majerus, Gaston Reinig, Marc Rosch, Joseph Schmit, Jean-Pierre Wagener, Robert Weyland.

## Le Bureau exécutif:

**Président:** Joseph Lorent **Secrétaire:** Nello Zigrand **Trésorier:** Emile Noesen **Membres:** Nadine Becker, Martin Bohler, Thierry Majerus, Robert Weyland.

## Gitt Member bei de « Frënn vun der Militärmusek »

Recommandéiert w.e.g. äere Frënn a Bekannten, fir Member ze ginn

D'Frënn vun der Militärmusek sinn e Genre « Supporterclub »,

- deen e bësse méi speziell Concerten organiséiert,
- Solisten engagéiert,
- CDen oder DVDen produzéiert,
- der Musek déi Equipementer keeft, déi de Staat der Musek net bezillt.

Als Member huet een eng Rei vu Virdeeler :


- besser Präisser bei Concerten, déi vun der Asbl organiséiert ginn,
- d'Organisatioun vun der Rees bei Concerten am Ausland,
- e gratis CD als Cadeau um Joresenn,
- de Bulletin « En avant … marche!» (Publikatioun 4x pro Joer),
- eng fréndschaftlech Ambiance ënner Melomanen.

### Wéi kann ech Member ginn?

Duurch Iwwerweise vun 25,00 € op de folgende Kont vun den "Amis de la Musique militaire" mat der Mentioun « Neie Member » :


**CCPLLULL – LU19 1111 1371 3776 0000**

Besicht och eisen Internet-Site www.fvmm.lu fir déi läscht Neiegkeeten vun eiser Associatioun a vun der Militärmusek.



# Quand deux musiques militaires se rejoignent

„Je salue plus particulièrement parmi l'assistance le Général de Corps de l'Armée Alexandre d'Andoque de Sériège, gouverneur militaire de Metz, le Lieutenant-colonel Karl Flambry, chef de cabinet du gouverneur militaire de Metz, le Colonel Hubert Stahl, attaché de défense pour le Luxembourg auprès de l'ambassade de la République française à Bruxelles et le Major Thierry Graff, coordinateur musical.




*Le Lieutenant Marc Amy au pupitre*

Hier soir les deux formations musicales, à savoir la „Musique de l'Arme blindée Cavalerie de Metz" et la „Musique militaire grande-ducale" ont donné dans le cadre de „l'Opération Solidarité 2022" un grand concert caritatif à l'Arsenal de Metz en faveur de l'Association du Développement des Oeuvres de l'Armée, dont la mission consiste à améliorer la prise en charge et l'accompagnement dans la durée des orphelins, des blessés des armées et de leurs familles…"

C'est ainsi que le président de l'a.s.b.l. „d'Frënn vun der Militärmusek", Josy Lorent, a salué dans son discours de bienvenue les représentants des armées respectives lors d'un concert exceptionnel que l'a.s.b.l. « d'Frënn vun der Militärmusek » avait organisé dans le cadre de son 25e anniversaire dans la salle de concerts «Artikuss» à Soleuvre. En présence également de la députée-maire Simone Asselborn-Bintz, des échevins Nathalie Morgenthaler, Mike Lorang et Steve Gierenz ainsi que du Général honoraire de l'Armée Luxembourgeoise Alain

*(Suite en page 11)*



# Grand concert franco - luxembourgeois à Soleuvre

Duschène et du Capitaine Christian Kirpes, chef-adjoint à la retraite depuis peu de la Musique militaire, et d'une audience bien curieuse, le concert de cet après-midi du 20 novembre 2022 était donné en faveur de l'action „Suessem hëlleft".

C'est la formation luxembourgeoise qui, sous la direction de son Chef, le Lieutenant-colonel Jean-Claude Braun, jouait en premier. Quel plaisir pour lui de pouvoir jouer ce concert dans sa commune natale!

Avec „Grand Fanfare" de Giancarlo Castro d'Addona, le caractère de ce concert bien exceptionnel devint clair dès le début: élan, virtuosité et volumes sonores seront à la une! Sous la direction engagée de leur chef, les musiciens en tenue de gala nous impressionnaient fortement avec cette pièce qui compte et des éléments de jazz et des grandes lignes musicales rappelant des musiques de films.

Quant à la pièce suivante, la présentatrice, la SgtCh Vanessa Lommer, nous ramenait aux souvenirs difficiles du naufrage du pétrolier «Prestige» au large de la Galice en novembre 2022, donc il y a 20

*(Suite page 12)*

ans. Le compositeur Antón Alcalde Rodriguez qui eut alors dix ans seulement, fut inspiré par cet événement tragique qui était à la racine d'une



*Le Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun en action*





*(Suite de la page 11)*

énorme catastrophe écologique et par la suite, d'un impact financier très dur pour les pêcheurs de la région. Rodriguez était surtout impres-sionné par les innombrables volontaires prêts à lutter contre l'expansion de la catastrophe. Son oeuvre, d'une durée de 25 minutes qui raconte l'histoire d'un tel accident avec toutes ses conséquences, est une compo-sition touchante et remarquable qui, à la fin, donne raison à l'espoir et à la confiance!

Après une pause – élément que nous n'avions plus connu durant la pandémie – l'Orchestre de Metz prenait la relève. Son premier saxophoniste s'adressait avec humour et jeunesse au public. Et de demander si l'on connaissait la „Jazz Suite no.2" de Dimitri Chostakovitch. Oui, certes, la majorité des spectateurs devraient en connaître au moins la fameuse Valse dont le musicien jouait spontanément sur son instrument

*(Suite en page 13)*



***La première rangée avec les invités d'honneur provenant des deux pays***

(Suite de la page 12)

la mélodie pour la rappeler. Par contre, nous allions entendre non pas la valse, mais le premier mouvement de cette oeuvre magnifique, jouée moins souvent. Les 40 musiciens de Metz étaient placés sous la direction de leur chef-adjoint très engagé, le Lieutenant Marc Amy. Les musiciens portaient moins de couleurs vestimentaires que „les nôtres", ils étaient moins nombreux, mais ils assuraient leur prestation avec une précision et une légèreté qui ne différaient guère de celles que nous apprécions tant chez les musiciens de la Musique militaire grand-ducale.



La pièce suivante fut une révélation sonore. „Les 3 mousquetaires" du compositeur Maxime Aulio est une oeuvre pour orchestre d'harmonie et quatuor de tubas solo, interprétée aujourd'hui par deux euphoniums et deux tubas. Ces instruments sont souvent placés au fonds des orchestres. Par contre ici, les quatre étaient placés au devant de l'orchestre, de sorte que nous pouvions les observer et entendre de près. L'oeuvre qui parle du soldat d'Artagnan et de ses filles ravissantes, demande une excellente technique et en même temps des sonorités romantiques aux instrumentistes. Pour les quatre solistes, répondre aux exigences enthousiastes et passionnantes de l'oeuvre semblait être d'une facilité évidente. Quel délice auditif!



Par la suite, nous voilà de retour en 1982 avec la musique de „E.T. – The Extra-Terrestrial". Qui ne l'aurait pas vu, ce film émouvant avec sa musique remarquable du formidable compositeur John Williams! Une belle oeuvre qui nous faisait grand plaisir à écouter.

## D'Gemeng Suessem hëlleft – Aides au Cap Vert

C'est la bourgmestre Simone Asselborn-Bintz qui prenait ensuite la parole pour remercier les

(Suite page 14)













*(Fin de la page 13)*

personnes qui, durant de longues et intensives préparations, avaient rendu possible ce concert en commun des deux orchestres. Mme Agnes Kralj, présidente de l'organisation non-gouvernementale «d'Gemeng Suessem hëlleft», présentait ensuite en détail les projets de cette action humanitaire tout en remerciant les multiples donateurs et sponsors. Les dons financiers sont investis intégralement dans la construction et la mise à disposition d'infrastructures scolaires pour des jeunes enfants au Cap Vert.

Des cadeaux ont été remis par «l'a.s.b.l. d'Frënn vun der Militärmusek» à la bourgmestre Simone Asselborn-Bintz, aux deux chefs de musique ainsi qu'aux deux présentateurs du programme musical.

### Un plus un font un

Pour la fin du concert, les deux orchestres se réunissaient sur la grande scène de l' «Artikuss». C'était le moment patriotique avec d'abord „La Marseillaise" et ensuite „Ons Hémecht". Quelle manifestation symbolique de deux pays voisins en cette période difficile de la guerre entre la Russie et son voisin, l'Ukraine.

Le concert allait se terminer par une amusante parodie sur la fameuse «Tritsch-Tratsch-Polka», les „East-Coast Pictures" (une pièce avec une fin fulgurante) et bien entendu des marches en bis réclamés par le public enthousiaste.

Les musiciens et les invités d'honneur se sont retrouvés par après pour une réception lors de laquelle le Général Alexandre d'Andoque de Sériège, gouverneur militaire de Metz, a félicité les musiciens pour leur prestation.

*Nadine Becker*



*(Photos: Emile Noesenl)*



Christian Kirpes:

# «Militärmuseker ze sinn, ass eng Beruffung»

## E Bilan mam Chef adjoint vun der Militärmusek als frësche Pensionéierten

De Capitaine Christian Kirpes, Chef adjoint vun der Militärmusek, ass zënter dem 1. Oktober 2022 a Pensioun, dat no genee 13.129 Deeg treien Déngscht bei der Lëtzebuerger Arméi.

A senger leschter Ried u seng Museker a Kollegen aus der Militärmusek sot hien: «Militärmuseker ze sinn, ass eng Beruffung a virun allem en Job. Een Job mat Éieren! Mir sollen alleguer stolz sinn, fir d'Lëtzebuerger Land eng Uniform kënnen an däerfen ze droen». En emotionale Saz, dee vun elo un den nei genannten « Capitaine honoraire de la Musique militaire grand-ducale » voll a ganz wierdegt.

De Christian Kirpes ass gebuer den 11. September 1967 zu Lëtzebuerg. Dësen Hollerecher Jong huet duerch säi Papp ugefaangen, am Alter vu sechs Joer Musek ze studéieren a Klarinett ze spillen an der «Harmonie municipale Hollerich, Luxembourg-Gare, Cessange».

Nieft engem Diplom an der École de Commerce am Lycée technique Michel Lucius huet de Christian Kirpes brillant Museksdiplomer aus dem Stater Conservatoire virzeweisen an eng formidabel Carrière bei der Militärmusek gemaach.

Ënnert dem Aspirant-officier André Reichling, gouf hien den 20. Oktober 1986 an d'Arméi als Volontaire Stagiaire Candidat musicien agezunn. Parallel ass hie weidergefuer mat senge Studien am Stater Conservatoire, wo hie vill Diplomer als Belounung fir seng musikalesch Kenntnisser iwwerreecht krut:1987 en Diplôme Supérieur op der Klarinett an e Prix de Capacité an der Kammermusek (béid beim Prof. Henri Jeitz), 1989 eng éischt Mentioun um Kontrabass (Prof. Roger Deitz), 1997 en Diplôme Supérieur am Solfège (Prof. Marie-Ange Faber) an en éischte Präis an der Orchesterdirektioun (beim LtCol Änder Reichling) an 1998 en éischte Präis um Saxofon (Prof. Marco Pütz).

Seng Chefe bei der Militärmusek waren Änder Reichling, Jean-Marie-Thoss (Chef f.f.) a Jean-Claude Braun, an als Chef-Adjointen hat hien: Johny Duschinger, Georges Wagner, Albert Genen, Johny Frantz a Jean-Marie Thoss.

25 Joer laang huet hien als Solo-Klarinettist am Harmonieorchester vun der Militärmusek gespillt, ganz dacks och nach am Klarinettequartett an am Quintette à vent. De Militärmuseker Christian Kirpes ass Grënnungsmember vun der Dixie Band vun der Militärmusek an huet och do bis zum leschte Schaffdag, den 30. September 2022 matgespillt. Deen Dag huet Dixie Band e Concert um Schëff «MS Princesse Marie-Astrid» fir eng offiziell Gebuertsdagsfeier vun der Transportgewerkschaft Syprolux gedingt. Parallel huet hien och während 25 Joer Saxofon an der Big Band gespillt.

Vum 4. Juni 2014 bis den 30. September 2022 war hie Chef de musique adjoint vun der groussherzoglecher Militärmusek. An dëser Funktioun gouf hien den 11. September 2017 Capitaine titulaire genannt. Als ChefAdj huet de Capt Christian Kirpes 99 Concerte mam Harmonieorchester an 79 Militärzeremonien dirigéiert. Hie seet dem LtCol Jean-Claude Braun villmools Merci, fir him dat erlabt ze hunn a fir säi Vertrauen.

*(Fortsetzung Säit 16)*



*(Schluss vun der Säit 15)*

Sengem Successeur als Chef adjoint vun der Militärmusek, dem Lieutnant-titulaire Jean Thill, wënscht hien eng gutt Hand a vill Erfolleg, der Militärmusek vill Kandidaten, déi sech mellen an natierlech vill Concerten.

Seng bescht Erënnerunge mam Orchester waren der Arméi hier Bienfaisance-Concerten am Stater Conservatoire, d'Concerten an der Philharmonie, d'Paraden op Nationalfeierdag an der Neier Avenue an um Kirchbierg an op der Kluuster zu Dikrech. En huet ëmmer gäre gedingt mam Orchester op enger Staatsvisite an eng «Relève de la Garde» virum Palais dirigéiert. Als Solist war ëmmer de Concerto fir Klarinett vum Artie Shaw säi léifste Wierk.

Tëschent ville grousse Momenter mam Harmonieorchester vun der Militärmusek, war de Concert vum 24. September 2022 virun engem volle Sall am Kader vum 150. Anniversaire vun der «Harmonie grand-ducale Orania Colmar-Berg», wou de Grand-Duc Henri him fir seng Direktioun gratuléiert an him eng ganz flott Pensioun gewënscht huet, eppes Besonnesches.

Emouvant war och ëmmer dee Moment, wou seng Kollegen aus der Militärmusek eng vu senge Kompositiounen oder seng Arrangementer interpretéiert hunn,

An deem Zesummenhank hei e puer Beispiller: de Marsch «Amitié», «Hymne de la Musique militaire grand-ducale» am Kader vum 175. Anniversaire vun der Militärmusek am Joer 2017, de Marsch «Quetschen och» geduecht fir d'Schëttermusek, de «Marche Jubilaire» fir déi 20 Joer vun der Réidener Musiksschoul, «Eise Generol» komponéiert fir d'Nominatioun vum Gaston Reinig als éischte Generol vun der Lëtzebuerger Arméi a.s.w.

Als Arrangementer aus senger Fieder siefen dës Wierker ernimmt: Largo vum G.F. Händel, Préciosa (Ouverture) vum C.M. von Weber, Galopp aus dem Geneviève de Brabant vum J. Offenbach, Fantaisie brillante sur Carmen (Solo fir Flütt) vum Fr. Borne, Finale de la Symphonie No. 41 (Jupiter) vum W.A. Mozart, Einzug der Gladiatoren (Marsch) vum J. Fucik, Intermezzo Sinfonico vum P. Mascagni, Introduktion, Tanz und Vilja-Lied vum F. Léhar, 10 Solo-Gesangsnummeren fir Soprano an Orchester a.s.w.

De Christian Kirpes huet och a villen Harmonien a symphoneschen Orchestere gespillt a mat ville privaten Dixie Banden a Kammermuseksformatiounen. En huet Recitale ginn am Stater Conservatoire, zu Buerglënster am Schlass an esouguer am Conservatoire Régional zu Metz.

Hie war Chargé de cours fir Klarinett a Saxofon a verschiddene Museksschoule vum Lëtzebuerger Land. Vun 1995 bis 2021 war hie Chargé an der Museksschoul vum Kanton Réiden, vun 1989 bis 2002 Dirigent vun der Schweecherdauler Musek a vun 2002 bis 2011 Chef bei der «Philharmonie grand-ducale et municipale de la Ville d'Ettelbruck».

Fir seng Pensioun huet hien sech bei der Militärmusek op der Lëscht vun de Klarinetterenforen ageschriwwen. E wënscht sech, elo Vakanz mat senger Fra ze maachen, ouni mussen eng Congéesdemande auszefëllen, vill Kilometeren als Koppel ze trëppelen a mam Vëlo ze fueren an e freet sech, fir am Gaart ze schaffen.

Fir seng wuelverdéngte Pensioun wënscht d'A.s.b.l. «d'Frënn vun der Militärmusek» dem Capt honoraire Christian Kirpes, all seng Wënsch kënnen ze realiséieren. D'Pensioun soll laang sinn, vill Ofwiesselung bréngen, ouni Leed sinn a vill Freed bereeden!

*Nello Zigrand*



*Membere vum Verwaltungsrot a vum Exekutivbüro no der Generalversammlung am Stater Conservatoire*

# Réckbléck op eng schwiereg Zäit a positiven Ausbléck an d'Zukunft

## Aus der Generalversammlung vun der A.s.b.l. „d'Frënn vun der Militärmusek"

Wéinst der Covid19-Pandemie konnt d'Generalversammlung fir d'Joer 2021 mat Verspéidung eréischt de 17. November 2022 am Sëtz vun der Militärmusek ofgehale ginn. D'Versammlung vum Joer virdrun war per Korrespondenz iwwert eng Extranummer vum Bulletin ofgewéckelt ginn, well déi sanitär Virschrëften am Zesummenhank mat der Corona-Pandemie keng physesch Präsenz zougelooss hunn.

A senger Begréissungsried huet de President Josy Lorent fir d'éischt als Éieregäscht de Jean Spautz, 1. President vun de „Frënn vun der Militärmusek", an de Vizepresident Roby Raus, Initiator vum Konzept vun eiser A.s.b.l., begréisst.

Duerno ass eng Gedenkminutt fir all Memberen ageluet ginn, déi am Laf vum Joer 2021 verstuerwe sinn. Stellvertriedend fir sie all ass de Lieutenant-Colonel Pierre Nimax ernimmt ginn, dee laang Joeren Dirigent vun der Militärmusek war an den 20. Januar 2021 am Alter vun 90 Joer gestuerwen ass.

Net ouni Bedaueren huet de President festgestallt, datt souwuel d'Militärmusek selwer wéi och eis A.s.b.l. wéinst der Covid-19-Pandemie an hiren Aktivitéiten a Pläng staark ageschränkt waren an ëmmer nees d'Programmer iwwert de Koup gehäit gi sinn. Dës Entwécklung konnt awer weder déi eng nach déi aner decouragéieren.

Als nei Membere vum Verwaltungsrot konnten 2021 de Colonel Pascal Ballinger als Vertrieder vum Chef d'État-major Steve Thull an de Generol Alain Duschène, fréieren Arméichef, begréisst ginn. D'Generalversammlung gouf ausserdeem informéiert, datt nom Wiessel vum Georges Engel als Minister an d'Regierung, wat laut Statuten inkompatibel mat der Memberschaft am Verwaltungsrot vun de „Frënn vun der Militärmusek" ass, d'Simone Asselborn-Bintz, Deputéiert a Buergermeeschtesch vun der Gemeng Suessem, viru kuerzem an dësem Gremium d'Nofolleg ugetratt huet. Ausserdeem gëtt d'Christiane Sietzen, déi Vertriederin vun der Stad Lëtzebuerg am Verwaltungsrot war an a Pensioun geet, duerch d'Vanessa Cum ersat.

Fir ze weisen, wéi schwéier et an der Pandemiezäit mat hire sanitäre Restriktioune war, fir Optrëtter z'organiséieren huet der President d'Beispill vun deem fir de 17. November 2020 an duerno fir den

*(Fortsetzung Säit 18)*



*Während der Generalversammlung am klenge Sall vum Stater Conservatoire*

*(Fortsetzung vun der Säit 17)*

13. Juni 2021 an der Philharmoie geplangte Gedenkconcert mam Titel „Dankbar Erënnerung un den André Reichling“ fir dee leider vill ze fréi verstuerwene laangjähregen Dirigent vun der Militärmusek ernimmt. Nët manner wéi véier Mol ass am Ganzen den Datum verréckelt ginn. Als leschten Datum gëllt elo de 4. Mäerz 2023.

Eng Saach, déi den Exekutivbüro schonn 2020 am Viséier hat an trotz alle Komplikatioune och virbereet huet, ass de 25. Anniversaire vun de „Frënn vun der Militärmusek“.

Zum Schluss huet de President Josy Lorent déi gutt Zesummenaarbecht als Team am Exekutivbüro ervirgehuewen grad esou wéi déi verständnesvoll Kooperatioun mam Dirigent Jean-Claude Braun a sengem Adjoint Christian Kirpes an och matt der Direktioun vum Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg.

### Stabilitéit trotz der Pandemie

Och am ausféierleche Aktivitéitsrapport vum Sekretär Nello Zigrand goung ëmmer nees Rieds vun den Auswierkunge vun de Covid-19-Bestëmmungen.

*(Fortsetzung Säit 19)*



*Nei Memberen vun der Militärmusek krute vun de "Frënn vun der Militärmusek" eng Kleederhousse iwwerreecht (v.l.n.r. mam Cadeau: Sarah Czech, Tracey Lamberty Wohles, Dino Ajdarpasic)*

*(Photos: Eric Engel / Emile Noesen)*

## Réckbléck op eng schwiereg Zäit a positiven Ausbléck an d'Zukunft

*(Schluss vun der Säit 18)*

Trotzdem huet den Exekutivbüro weider geschafft a geplangt, konnten dräi Nummere vum Bulletin "En avant… marche!" fir d'Membere publizéiert ginn, ass als „Cadeau de fin d'année" eng CD mat Opnahme vun dem Perkussiouns- an dem Saxophonensembel vun der Militärmusek eraus-komm an et gouf den traditionelle „Concert de bienfaisance" vun der Arméi organiséiert.

Wéi gewinnt huet de gewëssenhaften Trésorier Emile Noesen en ausféierleche Keessbericht presentéiert, deen trotz de beschränkten Aktivitéitsméig-lechkeeten eng gesond Finanzsituatioun aus-gewisen huet. Op schrëftlechem Virschlag vun de Keessreviseuren Pierre Christen a Gilbert Holzem, déi iwwregens an hirer Funktioun confirméiert goufen, krut de Caissier eestëmmeg Entlaaschtung.

Eestëmmeg sinn déi zwee Berichter ugeholl ginn, déi ënner anerem och bewisen hunn, datt d'Zuel vun de Membere bei iwwer 500 konnt gehale ginn.

Per Akklamatioun goufe bei der deelweiser Erneierung vum Exekutivbüro déi austriedend Membere Josy Lorent, Gaston Reinig, Marc Rosch a Joseph Schmit confirméiert.

Bewäiser fir d'Reprise no der Pandemie hunn dee vum Sekretär Nellon Zigrand presentéierte Pro-gramm an de Budgetsprojet vum Trésorier Emile Noesen geliwwert. Dat war net nëmmen de Fall fir d'Organisatioun vu verschiddene Concerten ënnert anerem am Zesummenhank mat dem 25. Anniversaire vun eiser A.s.b.l. an den 180 Joer vun der Militärmusek, mee och déi geplangte Bedeelegung vun de Memberen un enger Tournée mat der Militärmusek an Éisträich („Promenaden-konzert" zu Innsbruck a Concert zu Schladming) an net zulescht d'Erneierung vum Internet-Site vun de „Frënn vun der Militärmusek". Als Responsabel fir dëse Projet hunn den Thierry Majerus an de Ben Seil extra Merci gesot kritt. E Merci goung och un de Jean Thillmany, dee bis elo während ville Joren als Webmaster dofir verantwortlech war.

Souwuel den Dirigent Jean-Claude Braun wéi och säin Adjoint Christian Kirpes, deen an d'Pensioun gaangen ass, hu Wierder vun Unerkennung fir d'Aarbecht an d'Ënnerstëtzung vun de „Frënn vun der Militärmusek" fonnt, ouni déi vill Optrëtter vun der Militärmusek net méiglech wieren.No der Generalversammlung hunn „d'Frënn vun der Militärmusek" an de Raimlechkeete vun der Militärmusek eng Receptioun offréiert, wou an enger kollegialer Atmosphär konnt weider diskutéiert ginn.

(j-lo)

# Membersbeitrag 2023

Léif Memberen vun der
Asbl „D'Frënn vun der Militärmusek",

Mir bieden Iech heimadden, de Beitrag vu 25,00 EUR fir d' Joer 2023 ze iwwerweisen.

Mir soen Iech am Viraus villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung an ziele fest drop, Iech bei eise Veranstaltunge begréissen ze kënnen.

Fir den Exekutiv-Büro :

Joseph Lorent, Präsident ;
Nello Zigrand, Sekretär;
Emile Noesen, Trésorier.

CCPLLULL ***********25,00
COTISATIOUN 2023

D'FRËNN VUN DER MILITÄRMUSEK A.S.B.L.

LU19 1111 1371 3776 0000

# Les Amis de la Musique Militaire a.s.b.l.

**Fondée en 1997 – Membre de l'Union Grand-Duc Adolphe**

Luxembourg, janvier 2023 – Bulletin 48

**Conseil d'administration**

**Président honoraire**
Jean Spautz

**Président**
Joseph Lorent

**Vice-Président**
Roby Raus

**Secrétaire**
Nello Zigrand

**Trésorier**
Emile Noesen

**Membres**
Simone Asselborn-Bintz
Pascal Ballinger
Alex Bodry
Jean-Claude Braun
Vanessa Cum
Alain Duschène
Fernand Etgen
Joé Haas
Thierry Majerus
Gaston Reinig
Marc Rosch
Joseph Schmit
Jean-Pierre Wagener
Robert Weyland

**Bureau exécutif**

**Président**
Joseph Lorent

**Secrétaire**
Nello Zigrand

**Trésorier**
Emile Noesen

**Membres**
Nadine Becker
Martin Bohler
Thierry Majerus
Robert Weyland

## INVITATION

Chers membres,

L'assemblée générale 2023 de l'a.s.b.l. « d'Frënn vun der Militärmusek » se déroulera dans les locaux de la Musique militaire grand-ducale au Conservatoire de la Ville de Luxembourg, 33, rue Charles Martel, le jeudi 30 mars 2023 à 11.30 heures, à laquelle nous vous invitons cordialement.

**Ordre du jour :**

1. Allocution du président ;
2. Rapport d'activité pour l'exercice 2022 ;
3. Rapport de caisse pour l'exercice 2022 ;
4. Rapport des réviseurs de caisse ;
5. Discussion des rapports et décharges à donner ;
6. Election des réviseurs de caisse ;
7. Présentation du programme et du budget prévisionnel pour 2023;
8. Fixation de la cotisation 2024 ;
9. Remise de cadeau aux nouveaux membres de l'orchestre ;
10. Divers

Après la clôture de l'assemblée générale, le bureau invite tous les membres présents à un verre d'amitié, accompagné de petits-pains garnis confectionnés par « Kirschleboucher ».

Nous vous prions de bien vouloir nous informer de votre présence en utilisant la carte réponse jointe, par envoi postal ou par courriel à notre trésorier emile.noesen@pt.lu, jusqu'au lundi, 20 mars 2023, au plus tard.

Dans l'espoir que la présente invitation trouvera votre bienveillant accueil et au plaisir de vous retrouver le 30 mars prochain, nous vous présentons, chers membres, nos respectueuses salutations.


Pour le conseil d'administration,

Joseph Lorent, président — Nello Zigrand, secrétaire

**La présente annonce tient lieu d'invitation officielle**

Siège social : Luxembourg, 33, rue Charles Martel
Courrier : L-8480 Eischen, 3, Cité Äischdall
CCPLLULL – LU19 1111 1371 3776 0000

# Neien Internetsite www.fvmm.lu




**Fannt alleguer d'Infoen iwwert d'A.s.b.l. „d'Frënn vun der Militärmusek" an eis Militärmusek gesënnert op engem Internetsite.**

Hei e klengen Iwwerbléck:

| | |
|---|---|
| **FvMM:** | Wëssenswäertes iwwert eis A.s.b.l. |
| **Agenda:** | Nächst Concerte vun der Militärmusek mat allen Infoen |
| **Bulletin:** | Hei fann Dir all eis Bulletinen, dëst zënter der éischter Ausgab |
| **L'Orchestre:** | Iwwerbléck iwwert d'Musiker |
| **Ensembles:** | Fotoen an Nimm vun den Ensembele vun der Militärmusek |
| **Medias:** | Aktuell Fotoen, Videoen a villes méi |
| **Membres:** | Gitt och Dir Member an eiser A.s.b.l. |
| **Shop:** | All CD'en déi vun der A.s.b.l. an Zesummenaarbecht mat der Militärmusek produzéiert gi sinn, kënnt Dir hei gesinn a kafen |




### Info fir eis Memberen

De Büro vun der A.s.b.l. bleift beim Remboursement vu **5,00 € pro Ticket** fir maximum 2 Ticketen pro Member. Alles wat dir dofir maache musst, ass **nom Concert vum 4. Mäerz** eisem Trésorier Emile Noesen déi Ticketen mat äerer Bankkontosnummer (Iban-Format) zoukommen ze loossen (Adress: 66, rue du Dix Septembre – L-4947 Bascharage) – De Remboursement gëtt dann direkt gemaach.
Mir wäre frou, iech bei dësem Concert begréissen ze kënnen a soen Iech am Viraus
Merci. Dir hëlleft eis domadder, an enger net einfacher Zäit d'Militärmusek ze ënnerstëtzen !

# Ein musikalischer Geburtstagskuchen aus dem Grossherzogtum

Zu einem ganz speziellen Konzert kam es am 22. Oktober 2022, als die «Musique militaire grand-ducale» im Haus des Gastes im Südschwarzwald auftrat. Reporter Herbert Schnäbele berichtete in der Zeitung «Südkurier» von einem berauschenden Blasmusikkonzert der Extraklasse im Rahmen des 100. Geburtstags des Blasmusikverbandes Hochrhein.

Was verschlägt die Luxemburger Militärkapelle in den Schwarzwald? Um diese Frage zu beantworten, müssen wir ein paar Jahre in die Vergangenheit reisen.

Im Jahr 2012 nahm Ralf Eckert, Vizepräsident des Blasmusikverbandes Hochrhein und passionierter Hornist, an einer Musikwoche in Marktoberdorf im Allgäu teil. In dem Jahr war der Gastdirigent und Kompositionsdozent kein Geringerer als der Luxemburger Marco Pütz. Es waren auch einige junge Luxemburger, darunter ein paar Mitglieder der Militärkapelle, nach Marktoberdorf gereist, um an dieser Musikwoche teilzu- nehmen. Während der Woche lernte man sich kennen und es entstanden Freundschaften wie zum Beispiel die zwischen Ralf Eckert und Pit Keller.

In den darauffolgenden Jahren trafen die beiden sich immer wieder in Marktoberdorf, um an der Musikwoche teilzunehmen.

Im September 2016 wurde Pit Keller von Alexandra Link kontaktiert die auch oft bei der Musikwoche in Marktoberdorf mit dabei war. So entstand der erste Kontakt zur Organisation eines Auftrittes der «Musique militaire grand-ducale» beim internationalen Blasmusik Kongress IBK im Januar 2018 in Neu-Ulm. Ralf Eckert war unter den Zuhörern und erlebte das Orchester zum ersten Mal auf der Bühne. Begeistert von der Darbietung des Orchesters wollte der Vizepräsident des Blasmusikverbandes Hochrhein unbedingt mehr davon hören und so entstand die Idee die Kapelle in den Schwarzwald einzuladen.

Nach sorgfältiger Planung sollte das Konzert Ende März 2020, dem eigentlichen Geburtstagsjahr des Blasmusikverbandes, stattfinden. Auch dieses Konzert fiel wie viele andere Konzerte der Corona-Pandemie zum Opfer. Nach zwei etwas turbulenten Jahren für die Militärkapelle startete das Orchester Anfang März 2022 wieder durch. Gemeinsam mit dem Gastgeber wurde nach einer Möglichkeit gesucht das Konzert nachzuholen und so wurde der 22. Oktober festgehalten. Das Konzert würde dann im Rahmen der Konzertreihe «Weltklasse am Hochrhein» stattfinden. Im Schwarzwald wurde fleissig geplant, um nicht nur das Konzert zu organisieren, sondern um auch das Orchester in Hotels unterzubringen.


30 SÜDSCHWARZWALD

Südkurier 25.10.22

## So klingt ein rundes Jubiläum

- Konzertabend mit Militärkapelle aus Luxemburg
- Seit 100 Jahren Blasmusikverband Hochrhein
- Zugaben nach anspruchsvollen Darbietungen

VON HERBERT SCHNÄBELE

### Das Orchester

(Fortsetzung Seite 24)

# Ein musikalischer Geburtstagskuchen aus dem Grossherzogtum

*(Schluss von Seite 23)*

Wer ist eigentlich der Blasmusikverband Hochrhein, der BHV? Man kann diese Gruppierung als kleine Version der luxemburgischen UGDA, (Union Grand-Duc Adolphe), betrachten. Ihr Gebiet erstreckt sich über fast den gesamten Landkreis Waldshut und verschiedene Teile von Lörrach und Schwarzwald-Baar. Der BHV vertritt insgesamt 107 Vereine, also insgesamt 5500 Musiker und untersteht dem Bund Deutscher Blasmusikverbände e.V. Wer mehr über diesen Gastgeber herausfinden will, kann gerne seine Internetseite www.bvh100.de besuchen.

Nach einer Busfahrt von fast sechs Stunden war die Militärkapelle in Höchenschwand südlich des Schluchsees angekommen, wo um 20 Uhr das Konzert begann. Mit «Joyride» von Michael Markowski, einer rasanten Nummer in der das Thema von Beethovens «Ode an die Freude» verarbeitet wurde, startete das Orchester unter der Leitung seines Chefs, Lieutnant-Colonel Jean-Claude Braun, in den Abend.

AdjMaj Monique Bernotte führte durch das Programm und überbrachte im Namen der gesamten Militärkapelle die herzlichsten Glückwünsche für das runde Jubiläum.

Es folgte das «Capriccio» von Christian Janssen. Nach eigenen Aussagen des Komponisten orientierte er sich für dieses Stück an dem Bild «Capriccio of Rome» des italienischen Malers Giovanni Paolo Pannini(1691-1765). Nach einem langsamen, mysteriösen Anfang nimmt das Werk immer mehr Fahrt auf. Auf einen virtuosen FF-Aufschrei folgt eine Rückbesinnung und es erklingt das Anfangsthema das in einen feierlichen, pompösen Schlussteil mündet.

Nach ein paar Erklärungen von AdjMaj Monique Bernotte interpretierte das Orchester dann die «Dances of Galanta» von Zoltan Kodaly. Dieses Werk ist vor allem für die Holzregister eine besondere Herausforderung da es viele virtuose Soli enthält, unter anderem in der Stimme der Solo-Klarinette, die an dem Abend von Konzertmeisterin Adj Laurence Steichen gespielt wurde. Anschliessend verabschiedete die Militärkapelle sich unter dem Applaus der etwas mehr als 300 Zuschauer in eine wohlverdiente Pause.

Die zweite Hälfte des Konzerts bestand aus zwei Werken, in denen das Orchester seine Vielfalt unter Beweis stellen konnte. Gestartet wurde mit «A Brussels Requiem» vom belgischen Komponisten Bert Appermont. Es handelt sich bei diesem Werk um eine Auftragskomposition des belgischen Staates, um an die Opfer der Terroranschläge in Brüssel im März 2016 zu erinnern. So folgen auf die liebliche Kindermelodie «Au Clair de la Lune» Schüsse von Maschinengewehren, die von den Trompeten abgefeuert werden. Daraus entsteht ein rhythmischer Teil, der das Chaos und die Panik der Leute widerspiegelt, um in einem breit gesetzten Moll-Choral zu erlöschen. Es folgt ein langsamer, sehr emotionaler Teil der langsam, aber sicher wieder in einen fröhlicheren Teil übergeht und somit den Wideraufbau bzw. die Wiederkehr des normalen Lebens in Brüssel symbolisieren soll.

Nach diesen emotionalen Klängen ergriff Vizepräsident Ralf Eckert das Wort, um im Namen des Musikverbandes seinen Dank auszudrücken unter anderem auch an den Sekretär der Militärkapelle, Kris Giordano, für die gute Zusammenarbeit bei der Planung dieser Reise.

Das letzte Stück des offiziellen Programms war ein Medley mit dem Titel «Symphonic Pianoman». Es handelt sich bei diesem Stück in gewisser Weise um eine Hommage an den Musiker Billy Joel das von Jörg Murschinski zusammengesetzt wurde. Dieser Komponist stammt aus der Region, ist sehr engagiert im BHV, und wohnte dem Konzert bei. Wie der Titel es schon zum Ausdruck bringt, steht an vielen Stellen in dem Werk das Klavier im Vordergrund. So begeisterte der «Pianoman» der «Musique militaire grand-ducale», AdjMaj Marc Desorbay das Publikum mit seinem Können am Klavier.

Das Publikum, das breitgefächert aus allen Generationen bestand, war hellauf begeistert und entlockte durch tosenden Applaus dem Orchester zwei Zugaben. Es waren dies die Werke «Triqui Traqui» von Paul Desenne, eine Abwandlung der Tritsch-Tratsch-Polka von Johann Strauss, und der «Marche du Corps de la Garde Grand-Ducale» von AdjMaj Patrick Lux.

Nach dem Konzert liessen die Mitglieder des Orchesters den Abend bei einem geselligen Abendessen im Haus des Gastes ausklingen.

P.K.

# Cadeau de fin d'année

De „Cadeau de fin d'année 2022/2023“ vun de „Frënn vun der Militärmusek“ ass eng DVD mat dem Concert aus dem Artikuss zu Zolver vum 22. November 2022 mat der "Musique de l'arme blindée cavalerie Metz" an der "Musique Militaire Grand-Ducale"

Dësen DVD ass exklusiv fir d'Membere vun der „a.s.b.l. D'Frënn vun der Militärmusek“ a kënnt net an de Verkaf.

Mir wënsche vill Spaass beim Nolauschteren!




**Musique Militaire Grand-Ducale et Musique de l'Arme Blindée Cavalerie Metz**

Concert de bienfaisance au profit de "Gemeng Suessem hëlleft" asbl
Artikuss à Soleuvre le dimanche, 20 novembre 2022 à 16.00 heures
à l'occasion du 25e anniversaire de "D'Frënn vun der Militärmusek" asbl

**1ère partie - Musique Militaire Grand-Ducale**
sous la direction de son chef, le Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1. | Grand Fanfare | Giancarlo Castro d'Adonna | 07:37 |
| 2. | Marea Negra | Anton Alcalde Rodriguez | 19:51 |

**2ème partie - Musique de l'Arme Blindée Cavalerie Metz**
sous la direction de son chef adjoint, le Lieutenant Marc Amy

| | | | |
|---|---|---|---|
| 3. | Danse No. 1, extrait de la Jazz Suite | Dimitri Shostakovich | 03:18 |
| 4. | An Adventure on Earth (E.T.) | John Williams | 10:22 |

**3ème partie - Musique Militaire Grand-Ducale et Musique de l'Arme Blindée Cavalerie Metz**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 5. | Tritsch-Tratsch Polka op. "Triqui-Traqui"<br>Direction Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun | Johann Straus II<br>arr. Paul Sesenne et Steve Boehm | 05:13 |
| 6. | Un Mouvement de "East Coast Pictures"<br>Direction Lieutenant Marc Amy | Nigel Hess | 05:40 |
| 7. | Marche du 175e anniversaire de la Musique militaire<br>Direction Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun | Patrick Lux | 03:44 |

Enregistrements: apart TV
Layout: Sgt Ben Seil
©2023 Musique Militaire Grand-Ducale
Autorisation SACEM No DA 23/001

Armée Luxembourgeoise
Musique Militaire Grand-Ducale

# Da Silva Ferreira Magaly, eng weider Klarinettistin

„Wëlls de Musek maachen oder danzen?", sou d'Wieder vum Magaly senger Mamm, wéi si zu Dikrech am Conservatoire du Nord op enger Porte Ouverte waren. Wéi hat dunn d'Bassklarinett gesinn huet, war d'Decisioun gefall: „Ech wëll dëst Instrument, awer am klengen léieren". Dat war dunn mat neng Joer entscheed. Ee Joer virdrun war d'Magaly awer schonn am Éveil musical, an zwar zu Miedernach, wou dës Coursen vum Dikrecher Conservatoire ofhehaale goufen. De Wee ass also op Dikrech bei de Sébastien Duguet gaangen, wou hatt bis 2019 war an en Diplom vum 1te Präis gemeet huet.

Gläichzäiteg huet d'Magaly seng schoulesch Ausbildung kritt, an zwar an der „Ecole Privée Sainte-Anne" zu Ettelbréck, wou hatt 2018 säin « Diplôme de fin d'études secondaires an der Division administrative et commerciale, section gestion » kritt huet.

Nodeems de Sébastien awer bäigeuerdenten Direkter vum Conservatoire du Nord ginn ass, huet d'Magaly seng weider klarinettistesch Ausbildung beim Militärmuseker a.D. Alain Hecker gemeet, fir 2021 mat engem „Diplôme supérieur" ofzeschléissen. De Moment ass d'Magaly nach derbäi, säin „Diplôme de Concert" ze preparéieren, dee fir dëst Joer geplangt ass. Dono ass eng weider Ausbildung am Ausland virgesinn, wou awer, steet de Moment nach an de Stäeren. Wéi all Militärmuseker huet och d'Magaly vill Coursen besicht, fir jeweils mat engem Diplom ofzeschléissen, sief dat am Solfège, am Déchiffrage, an der Kammermusek, an der Harmonie écrite oder awer och an der Analyse musicale. Als zweet Instrument spillt d' Magaly Perkussioun, mee huet awer och en Diplom am Cycle Moyen mat der klenger Klarinett, der Es- respektiv der Mib Klarinett gemeet. Aktiv ass d'Magaly och nach souwuel am Klarinetten- wéi och am Perkussiounsensembel vum CMNord.

Den Interessi iwerhaapt bei d'Militärmusek ze goen, ass no an no komm. Well den deemolegen Dirigent vun der Miedernacher Musek – de Philippe Noesen – erkannt huet, dass d'Magaly ganz motivéiert war an och vill Fortschrëtter am Orchester gemeet huet, war et hien, deen hatt doropper ugeschwat huet, dass et do eng Méiglechkeet giff ginn, säin Hobby zum Beruff ze maachen. Och säin Klarinettenenseignant Alain Hecker huet hatt op dësem Wee ënnerstëtzt, an sou koum et, dass d'Magaly - nodeems hatt deen een oder anere Stage bei der Militämmusek gemeet huet, sech entscheed, professionnell Musekerin bei dësem Orchester ze ginn.



*(Photo: Eric Engel)*

Dat stung awer nach eng Zäitchen an der Schwief, well d'Magaly kuerz virdrun stung, sech op der Uni anzeschreiwen, fir Pädagogin am Enseignement, also Schouljoffer ze ginn.

Haut ass hatt nach ëmmer an der Miedernacherer Musek aktiv, wou hat dann elo och schonns zënter dräi Joer mat voller Begeeschterung de Jugendensembel leet. Fir däser Aufgab dann och gerecht ze ginn, suivéiert d'Magaly och Direktiounscoursen beim heitege Chef-adjoint vun der Militärmusek, Jean Thill.

Des weideren ass d'Magaly nach eng enthusiastesch Sängerin, wat hatt a senger Band „The Cookies" zesummen mam Militärmuseker Philippe Schiltz an anere Kollegen kann ausliewen.

Wann net musizéiert gëtt, huet d'Magaly d'Kachen an de Yoga fir sech entdeckt. Och liesen ass eng interessant Alternativ, erofzekommen a frësch Energie ze schäffen.

An dësem rouege Sënn hoffe mir, dass d'Magaly nach vill Freed beim Ausübe vu séngem artistesche Beruff wäert hunn.

*Thierry Majerus*

# Marco Delbrassinne, de neie Corist

Schonns fréi koum de Marco mat der Musek a Kontakt, an dëst well säi Bop e Keyboard an eng Harmonika doheem stoen hat an hien esou éischt Schrëtt maache konnt.

Nodeems hien eng Presentatioun vun de Quartiersschoulen zu Bouneweg besicht huet, ass d'Entscheedung direkt gefall, fir Cor ze léieren. Ier dat allerdéngs esou wäit war, huet hien am Alter vu 7 Joer sech am Solfège ageschriwwen, vir dann dat Joer drop mam Cor an der classe vum Carlo Pettinger unzefänken. Hei huet de Marco dann och 2022 en Ofschloss mam „Diplôme supérieur" mat Distinctioun gemaach.

No der Première - déi de Marco mat der Mentioun „excellent" op der 1ère classique (section B) am Lycée Robert Schuman krut - stoungen eigentlech zwou Alternativen op der Agenda: e Studium an der Mathematik, Informatik resp. Physik, respektiv e Studium am Cor zu München mat Optioun fir dem Symphonie-orchester bäizetrieden. Nodeems de Marco awer um traditionelle Stage vun der Militärmusek deelgeholl hat, war ët awer eigentlech direkt kloer, dass säin Häerz sech fir d'Militärmusek entscheed huet, a sou koum et, dass mir op e weideren talentéierten Corspiller zënter Januar 2021 an eise Reien ziele kënnen.

De Marco war och e Member vun der Boune-weger Musek an ass de Moment och nach ëmmer aktiv a verschidden Ensembelen vum Stater Conservatoire.

Mat den héchsten Auszeechnungen huet de Marco seng ganz musikalesch Ausbildung gemeeschtert - sief dat am Solfège beim Cosimo Colaci, am Déchiffrage och an der Klasse vum Carlo Pettinger, am Piano bei der Madame Weinand resp. an der Kammermusek beim Philippe Schwartz.

Am Laf vu senger Ausbildung hat de Marco och d'Chance um Stage „Side by Side" vum OPL



*(Photo: Eric Engel)*

deelzehuelen, mam OCL ze spillen, beim UGDA National Youth Wind Orchestra matzewierken, souwéi eng Rei Masterklassen ze besichen, ënnert aneren beim Prof. Froydis Ree Wekre, Prof. Johannes Hinterholzer, Prof. Radovan Vlatkovic , Prof. Thomas Hausschild, Prof. Markus Maskuniitty, a beim Ralph Ficker.

Ervirzehiewen sinn och nach seng Partici-patiounen um Nationalen UGDA-Concours fir jonk Solisten, wou hien jeeweils Goldmedailen an den eenzelen Divisiounen zougesprach krut mat deenen ënnerschiddlechsten Auszeechnungen.

An der Zukunft wäert de Marco wuel nach e Museksstudium um Cor absolvéieren an a senger kuerz gemoossener Zäit profitéieren, mat sengem Hond spadséieren ze goen.

Mir wënschen, dass de Marco och nach weiderhin sou fläisseg an erfollegräich ass an all seng Pläng fir d'Zukunft verwierkleche kann.

*Thierry Majerus*

# Kevin Massinon, e Multitalent !

Vun England iwwer Däitschland huet de Kevin Massinon seng Heemecht a Lëtzebuerg fonnt, an zwar zu Réiden op der Atert, wou hien dann och seng éischt Schrëtt mam Saxophon an der Réidener Museksschoul gemaach huet, an zwar an der Klass vum Fränz Breger. Weider gaangen ass et dunn an de Stater Conservatoire, wou de Kevin eng riseg Unzuel vun Diplomer gemaach huet, wou mer spéider nach wäerten drop agoen.

Schoulesch gesinn huet de Kevin 2012 säin Diplôme de fin d'études secondaires am Stater Kolléisch kritt op der Sektioun B «Latin – Mathématiques – Informatique ». An dësem Sënn huet de Kevin dann och e Studium op der „RWTH Aachen" fir Elektrotechnik vun 2012 bis 2014 ugefaangen, mee d'Musek sollt awer den Zentrum vum Liewe bleiwen.

Wéi ech schonns ernimmt hat, ass de Kevin en Diplomfréisser an zwar am grousse Stil.

Ugefaange bei sengem 1. Haaptinstrument, dem Saxophon, wou hien den Diplôme supérieur 2012 souwéi och an der Kammermusek gemaach huet, 2014 dann mam „diplôme de concert" ofgeschloss huet.

2012 sollt dann och e kruzialt Joer sinn, well ugeschwat vu sengem Professer Guy Goethals, ob et him da näischt géing soen, an d'Militärmusek ze goen, huet de Kevin proposéiert kritt, dach Fagott! ze léieren, well dëst Instrument deemnächst ausgeschriwwe géif ginn. Bannent vu nëmmen zwee Joer huet hien dunn en „Diplôme du 1er prix" mat Distinctioun am Stater Conservatoire gemaach a war deemno prett fir sech dem Examen an der Militärmusek ze stellen. Leider sollt et bei döser Kéier net klappen, mee dono huet de Kevin profitéiert, fir säi musikalescht Wësse weider ze verdéiwen, an zwar mat engem Fagottestudium um „Conservatorium Maastricht". Hei koum et dunn 2018 zu engem Bachelor of Music an 2020 zum Ofschloss mam Master of Music „Bassoon Classical".

Parallel war et 2019 den Diplôme de concert, mee des Kéier op der Fagott am CvL. Wéi wann dat net schonn alles genuch wier, ass de Saxophonist a Fagottist schliisslech nach als Sänger! ënnerwee, wou 2021 en 1. Präis am „Chant" dobäikomm ass. Diplomer an der Pedagogie wéi och an der Methodologie vum Saxophon, an der Perkussioun (iwwregens säin offiziellt zweet Instrument), an der Kontrafagott, am Art Lyrique, Dictioun an Italienesch fir Sänger, Museksgeschicht, Analyse Musicale… nach derbäi koumen.

2020 – jo dat Joer wou de Kevin säi Master an der Fagott krut, gouf dunn zoufällegerweis eng weider Plaz an der Militärmusek um Saxophon fräi, an dës Kéier sollt et déi richteg sinn, an hie konnt sech deemno säin Dram - Orchestermuseker ze ginn - erfëllen. Mat



*(Photo: Eric Engel)*

Bravour besteet hie säi Stage an der Militärmusek, an ass zënter Oktober 2022 Ënneroffizéier an der Lëtzebuerger Militärmusek.

Gäre gëtt hie säi Wësse weider, an och hei huet hie schonns vill Erfahrung gesammelt op diverse Statiounen. Aktuell ënnerriicht de Kevin Fagott a Saxophon souwuel an der Réidener Museksschoul wéi och an der UGDA-Museksschoul.

Op eng ganz Partie Orchestererfahrung kann de Kevin och schonns zréckkucken. Ugefaangen huet ët mat der Foulschter Musek, wou hien haut och nach ëmmer aktiv ass (genau sou wéi och am Foulschter Gesank), sou wéi och mat verschiddenen Orchester-formatiounen am Stater Conservatoire. Des weideren eng Participatioun mam „European Union Wind Orchestra", Stagen mat der Militärmusek a mam OPL, Concerten mam LWO (Luxembourg Wind Orchestra) souwéi och mam ONJ (Orchestre National des Jeunes) an eng Participatioun an enger Gesanksmasterclass am Kader vun der „HfM Summer School Choir Academy".

Wann da mol eng Kéier keng Musek um Programm steet, sou kann de Kevin am Beschten ausspanen an der Sauna, e bësse lafe goe respektiv sech beim Computer austoben.

Dem Kevin wënsche mir eng laang an erfollegräich Karriär mat der Musek, sief et mam Saxophon, mam Gesank, mat der Fagott oder kënnt do nach eppes Aneschtes op eis duer?

*Thierry Majerus*

# Flavio Pierotti, de flénke Perkussionnist



(Photo: Eric Engel)

Am 1. Schouljoer ass de Flavio zu Suessem an der Primärschoul zu sengem éischten konkrete Kontakt mat der Musek komm, an dat wéi déi lokal Museksgesellschaft déi ënnerschiddlechst Instrumenter an d'Primärschoul presentéiere komm ass. Well dat him, wéi och aneren néng Schüler aus der Klass esou gutt gefall huet, hu si dunn och dierfen emol an d'Musek goen a sech nach méi e konkret Bild maachen. Well Gittar spillen do awer keng Optioun war, huet de Flavio souwéi seng aner néng Kolleegen sech fir d'Perkussioun entscheed mat deem Resultat, dass hien haut nach den eenzegen vun der Band ass, dee Perkussioun spillt.

Ugefaangen huet dat traditionnellerweis mam Solfège. Beim Flavio war dat eng länger Geschicht, well hien um Ufank an der lokaler Musek déi éischt Schrëtt gemaach huet, dunn an d' Käerjenger Musiksschoul gewiesselt ass fir schlussendlech – well hien eng professionell Carrière als Museker wollt aschloen – am Escher Conservatoire ze landen. Dat Ganzt konnt hien no summa summarum zéng Joer erfollegräich mat engem „Dipôme supérieur" ofschléissen.

Well dem Flavio seng Beruffsvirstellungen sech stänneg geännert hunn, ass et wéi e roude Fuedem gewiescht, dass hien sech fir den Orchester vun der Militärmusek entscheed huet. Ëmmer an ëmmer erëm ass sie him „iwwert de Wee" gelaf, sief et duerch Concerten, déi hien lauschtere komm ass, sief et duerch eis Musek beim Freedefeier oder awer och nach bei der Militärparad vun Nationalfeierdag. Iwwerzeegen konnt hie sech fir dëse Choix, nodeems hien e puer Stagen bei der Militärmusek gemaach huet, an dës Aart a Weis Musek ze spillen him méi entgéint komm ass wéi an engem symphoneschen Ensemble, wéi den OPL (wou hien och am Kader vum Stage „side by side" konnt deelhuelen), an dëst well hien an der Militärmusek méi flexibel an a verschiddene Formatiounen ka musizéieren.

Hätt de Flavio sech net fir seng musikalesch Carrière entscheed, wär säi Wee wuel a Richtung Éducateur gaangen, e Beruff, deen him wéinst senger grousser Gedold sécher och entgéint komm wier.

Wat seng musikalesch Ausbildung ubelaangt, sou huet hien ugefaangen bei der Suessemer Musek (wou hien iwwregens haut och nach ëmmer aktiv ass), fir säi Wee weiderzefueren mam Perkussiounsensembel vun der Käerjénger Museksschoul, Matwierken beim Orchester vum Lycée Hubert Clement, Bedeelegung um Schülerorchester vum Lycée des Garçons Esch/Alzette, Participatioun um Blues Express wéi och an der „École de Blues" vun der Déifferdenger Gemeng, Member vun der Chorale des Jeunes vum Escher Conservatoire wéi och an der Brass Band vum selwechte Gebäi…

Ervirzehiewen ass nach d'Auszeechnung vum "Prix d'encouragement culturel" am Kader vum „Mérite culturel" vun der Suessemer Gemeng, déi hien am Dezember 2021 krut.


Zënter vier Joer ass de Flavio och derbäi, sech op déi aner Säit vum Orchester ze setzen andeems hien sech an den Orchestratiouns- resp. Direktiounscours ageschriwwen huet. Besonnesch freet et de Flavio dann, dass hien elo zënter kuerzer Zäit „Chef" ass vun der Téitenger Musek.

Wann dann nach e bëssen Zäit iwwreg bleift, sou kann de Flavio seng Leidenschaft ausliewen – hien huet nämlech Bensin am Blutt! Schrauwen un alen Autoen, déi ganz Technik an den Ëmgang domadder hunn him et ugedoen.

Dem Flavio sengem Liewesmotto „Carpe Diem" kënne mir eis nëmmen uschléissen a wënschen him op dësem Wee dat Allerbescht.

*Thierry Majerus*

# Anna Scherer, eng vun zwou neie Klarinettistinnen



(Photo: Eric Engel)

Wéi den Zoufall et esou wëll, ass d'Anna am zweete Schouljoer duerch seng Cousine d'Viola (Van der Poel, cf Bulletin no 46) op seng Léift - d' Klarinett - gestouss. Haut sëtzen si zesummen am selwechten Orchester a kënnen esou hir gemeinsam Freed un der Musek weider aus-liewen.

Ugefaangen mat Klarinett spillen huet d' Anna bei der Madame Deborah Flon zu Gréiwe-maacher an der Museksschoul, fir dann no engem Joer aus organisatoresche Grënn an déi Réidener Museksschoul bei de Christian Kirpes ze wiesselen. Zu Réiden ass hat och an den Atert-Lycée gaangen ier hatt da schliisslech 2016 an de Lycée Classique Diekirch gewiesselt ass fir kënnen seng F Sektioun ze maachen a parallel seng Studien am Conservatoire du Nord weider-zeféieren. Sou huet d'Anna eng Hällewull vun Diplomer gemaach, ugefaangen bei der Formation musicale-solfège, Déchiffrage, Klari-nettenensembel, Methodologie, Kammer-musek, Bassklarinett, Alexandertechnik…

Ofgeschloss huet d'Anna mat sengem „Diplôme Supérieur en clarinette sib" am Joer 2022 an der Klass vum Alain Hecker. Dem Anna säin zweet Instrument am Kader vun der Militärmusek ass de Piano.

Wärend senge Studien huet d' Anna u ville Projeten deelgeholl: ënnerschiddlech Stagen bei der UGDA, den traditionelle Stage an der Militärmusek an Zesummenaarbecht mat de FvMM, eng Participatioun beim ähnleche Projet vum OPL „side by side" souwéi e Matwierken beim „National Youth Wind Orchestra". Derniewent ass d'Anna senger „Schweecher-dauler Musik" bis haut trei bliwwen. Lueweswäert ass ze ernimmen, dass d'Anna sech elo och zënter dem September' 22 ëm den ëmmer méi groussen Nowuess këmmert an do d'Direktioun vun der Jugendmusek iwwerholl huet!

Duerch seng laangjäreg Klarinettenenseignanten ass d'Anna op d' Militärmusek opmierksam ginn, an nodeems hatt dann no sengem Diplôme de fin d'études secondaires e längere Stage vu sechs Méint iwwert de „Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse – Commissariat à l'enseignement musical" gemaach huet, war d'Entscheedung getraff, dem Orchester bäizetrieden. Well Klarinetten deemools (2019) - wéi och nach haut - ënnerbesat waren, goufen zwou Plazen aus-geschriwwen, wouvunner sech d'Anna eng konnt sécheren.

Wir dëse Plang net opgaangen, sou hätt d'Anna sech gutt kënnen virstellen am Enseignement fondamental virun enger Klass ze stoen.

Ganz gären ass d'Anna awer och mat senge Päerd ënnerwee, fir op aner Gedanken ze kommen. Lafen an aner sportlech Aktivitéiten gehéieren och dozou, sou dass hatt sech dann och kierperlech fit fir den Job vun der Militärmusekerin kann halen.

Vill Erfolleg beim weidere Studium vun der Klarinett sou wéi och vill Spaass mat der Musek wënsche mir dem Anna fir seng Zukunft.

*Thierry Majerus*

# Ben Weiland, Perkussionnist a Liewensgenéisser

Als Nesthäkchen vu sechs Geschwëster war de Ben vu klengem un mat der Musek verbonnen. Niewent sengem Papp – deem hei zu Land bescht bekannten Trombonist an Dirigent Claude Weiland (net ze verwiesselen mam Robert Weyland) – hunn och seng Mamm a seng fënnef Gesëschter Musek gespillt, sou dass et just e klenge Spronk fir de Ben war, bei d'Musek ze kommen.

Besonnesch ugedoen huet et him d'Batterie vu sengem Brudder, wou hien schonns am Alter vun zwee Joer säin éischte Kontakt mat sengem spéideren Instrument krut.

Duerch en zoufällegt Treffen mam Serge Kettenmeyer am Escher Conservatoire (säi Papp war mat de Geschwëster ënnerwee am Haus), krut de Ben schonns mat siwe Joer d'Chance Perkussiounscoursen unzefänken. Well awer och nach aner Instrumenter hien interesséiert hunn, huet de Ben sech nach an d' Coursen vun der Trompett, der Trombonn, dem Piano an dem Cor mat ënnerschiddleche Resultater ageschriwwen. Déi grouss Leidenschaft ass awer d'Perkussioun bliwwen!

Déi éischt konkret Schrëtt sinn dunn als Member bei de „Gréiwemaacher Noutewënzer" gemaach ginn - e Jugendensembel vun der Gréiwemaacher Musek, dee säi Papp gegrënnt huet. Eng éischter ongewéinlech Situatioun huet et dem Ben erméiglecht, scho ganz fréi e Concert bei der „grousser Musek" ze spillen, an dat well e Perkussionist am leschte Moment krank gouf. Sou hat hien dunn d'Éier, d'Sireen am „Volcano" ze spillen!

Nom Diplôme de fin d'études secondaires am Lycée Michel Lucius sollt de Wee a Richtung Schoulmeeschter goen. Duerch gesondheetlech Grënn konnt hien awer eréischt säin Diplôme am September kréien. Während dem folgende „Sabbatjoer" huet de Ben dovunner profitéiert, fir vill Diplomer an der Musek ofzeschléissen an huet no engem Stage Schoulstonnen an der école fondamentale gehalen. Schnell huet de Ben awer gemierkt, dass dat awer näischt fir hien ass an huet seng Meenung schnell geännert. Esou huet hien net laang gezéckt, sech fir eng vun den zwou vakanten Plazen ze postuléieren, wou hien elo zënter 2021 aktiv ass. Säit jeehier war den Job vum Militärmuseker säin Dramberuff, mee hien huet net gegleeft, dass hie jee dohinner komme géif. Sou kann ee sech täuschen!

Virun Allem ass d'Liewen vun engem Perkussionist an enger Militärmusek – vläicht am Géigesaz zu engem symphoneschen Sträichorchester – ganz ofwiesslungsräich. Et gëtt ee vill gefuerdert a kann an all méigleche Stiler ënnerhalb vun engem Concert musizéieren. Och huet een d'Méiglechkeet u Paraden deelzehuelen, wat ee soss net kéint maachen!



*(Photo: Eric Engel)*

Am Laf vu sengem musikalesche Wee huet de Ben un diverse Stagen deelgeholl, sou zum Beispill beim „Stage de cuivres en musique de chambre", am OPL, derniewent nach eng séllegen Workshops mam Anika Nilles, Boris Dinev, Franck Agulhon, Jérôme Goldschmidt, Kaz Rodriguez, Paul Wiltgen a Roberto Gatto. Des weideren huet hien op den „Drummer Days" deelgeholl (en internationalen Drummer Contest), wou de Ben 2020 den 1. Präis am Grupp Seniore gewonnen huet.

Niewent der Escher Brass Band war an ass hien och aktiv bei anere Museken, wou säi Papp Dirigent war wéi zum Beispill Buerglënster respektiv de Moment zu Éilereng. Och wann et hei esou ausgesäit, dass de Ben zur Musek gedrängt gi wier, sou entsprécht dat net der Realitéit. Zu all Moment krut hien zwar déi voll Ënnerstëtzung, mee et war him zu all Moment iwwerlooss, ob hien dëse Wee goe wëllt oder net.

Niewent sengem Engagement als aktive Museker ass hien awer och zënter 2021 op déi aner Säit gewiesselt, a vermëttelt säi Wëssen weider als Chargé de Cours fir Batterie an Perkussioun an der regionaler Munnerefer Museksschoul (RMSM).

Schivakanz an Coursevëlo fueren stinn op der aktiver Säit. E gutt lessen, e sëffege Patt a vill Zäit mat der Famill sinn him awer och besonnesch wichteg, fir de néidegen Ausgläich mat der Musek ze kréien.

An dësem Sënn wënschen mir Alles Guddes fir d' Zukunft!

*Thierry Majerus*

# Programme Janvier - Mai 2023

| Janvier 2023 | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Date** | **Heure** | **Dénomination** | **Formation** | **Lieu** |
| 27 | 20.00 | Concert à Arlon (BEL) | Orchestre d'harmonie | Eglise St. Martin d'Arlon |
| 29 | 16.00 | Concert à Esch-sur-Alzette | Orchestre d'harmonie | Eglise St. Jospeh |

| Février 2023 | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Date** | **Heure** | **Dénomination** | **Formation** | **Lieu** |
| 5 | 17.00 | Concert à Bascharage | Orchestre d'harmonie | Centre culturel "Käerjenger Treff" |
| 22 | 20.00 | Concert de Bienfaisance de l'Armée à Luxembourg | Orchestre d'harmonie | Conservatoire de Luxembourg |

| Mars 2023 | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Date** | **Heure** | **Dénomination** | **Formation** | **Lieu** |
| 4 | 20.00 | Concert "André Reichling" à Luxembourg | Orchestre d'harmonie | Philharmonie de Luxembourg |
| 10 | 20.00 | Concert à Junglinster | Orchestre d'harmonie | Salle "Gaston Stein" |
| 15 | 20.00 | Concert à Esch/Belval | Orchestre d'harmonie | Maison des Arts et Etudiants |
| 16 | 20.00 | Concert à Hesperange | Orchestre d'harmonie | CELO |
| 23 | 20.00 | Concert à Luxembourg | Orchestre d'harmonie | Philharmonie de Luxembourg |
| 24 | 20.00 | Concert à Luxembourg | Orchestre d'harmonie | Philharmonie de Luxembourg |

| Avril 2023 | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Date** | **Heure** | **Dénomination** | **Formation** | **Lieu** |
| 22 | 17.30 | Concert à Lahnstein (DEU) | Grand Ensemble de cuivres | Johanniskirche Lahnstein |
| 25 | 20.00 | Concert à Luxembourg | Big Band | Conservatoire de la Ville de Luxembourg |

| Mai 2023 | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Date** | **Heure** | **Dénomination** | **Formation** | **Lieu** |
| 17 | 16.00 | Concert GERO à Luxembourg | Orchestre d'harmonie | Conservatoire de la Ville de Luxembourg |
| 19 | 20.00 | Concert à Diekirch | Orchestre d'harmonie | Aal Seeërei |

Drock: Imprimerie Heintz, Pétange / Layout: Martin Bohler